Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 18. September 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

De jeeweilegen Hausdokter constatéiert a validéiert mat engem Zertifikat datt eng Schülerin, e Schüler vulnerabel ass. Duerno géif den ''Service de la médecine scolaire'' vun der Santé zesumme mat deem Dokter kucken, wéi déi Schülerin, dee Schüler kann enseignéiert ginn.

An dësem Kontext well ech folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Gett et e kloert Konzept wéi vulnerabel Kanner ënnerriicht solle ginn?
- Am Fall wou e vulnerabelt Kand an den Homeschooling gesat gëtt, kënnen d'Elteren weiderhin vum Congé pour raisons familiales profitéieren?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft op d'parlamentaresch Fro Nr. 2853 vun der honorabeler Madame Deputéiert Martine Hansen

Ad 1)

Am Fall, wou d'Vulnerabilitéit vun engem Schüler vun engem Dokter per Certificat médical attestéiert gëtt, gëtt zesumme mat den Eltere gekuckt, ënner wéi engen Ëmstänn dee Schüler am beschte ka beschoult ginn. Do si verschidde Modeller méiglech, wéi zum Beispill eng Prise en charge am 1:1 an der Schoul bis hin zum integrale Streaming vum Unterrecht.

Ad 2)

Am Fall, wou ee vulnerabelt Kand den Homeschooling an Usproch hëlt, an en entspriechende Certificat vum Dokter virläit, deen d'Vulnérabilitéit vum Kand feststellt, kann een Elterendeel de Congé pour raisons familliales ufroen.

De Congé pour raisons familliales ka verlängert ginn (maximal 52 Wochen iwwer eng Referenzperiod vun 104 Wochen) opgrond vum Artikel 15 vum Gesetzestext *Loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales* fir d'Eltere vu Kanner déi schwéier krank sinn. Den Artikel 1 vum *Règlement grand-ducal modifié du 10 mai 1999 définissant les maladies ou déficiences d'une gravité exceptionnelle en application de l'article 15, alinéa 2 de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales* gesäit Follgendes vir:

Sont définies comme maladies ou déficiences d'une gravité exceptionnelle au sens de l'article 15, alinéa 2 de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales :
(...)
- *les mesures d'isolement, d'éviction ou de maintien à domicile d'enfants pour des raisons impérieuses de santé publique décidées ou recommandées par les autorités compétentes pour faire face à la propagation d'une épidémie.*